N°2643
Entrée le 26.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes et de Monsieur le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles à la question parlementaire n°2643 du 23 juillet 2025 de Monsieur le député Marc Goergen concernant la position du gouvernement envers les voitures électriques.**

***1. Wéi vill nei Plug-In Hybride a Verbrenner goufen zënter 2024 fir de Fuerpark vun der Regierung souwéi de Service de protection du gouvernement kaf?***

Am Joer 2024 si 4 Plug-In Hybrid Autoe fir de Fuerpark vun der Regierung an de Service de protection du gouvernement kaf ginn. Et goufe keng reng Verbrennerautoe kaf. Des Autoe fueren elektresch, ëmmer wann et méiglech ass. Dëst erméiglecht eng optimal Notzung vum Fuerpark am Sënn vum Klimaschutz, an am Respekt vun de Sécherheetsufuerderungen.

***2. Wéi eng operationell a sécherheetstechnesch Grënn verhënneren et, dass een op mannst den Undeel u rengen Elektroautoen am Fuerpark erhéicht?***

D'Gefierer, Déngschtautoe fir e Regierungsmember, déi vu Persouneschützer*innen (Policebeamten*innen) am Kader vum Regierungsschutz agesat ginn, erfëllen eng Rei u spezifesche Viraussetzungen. Si bilden ee vun den Haaptinstrumenter an der dynamescher Schutzstrategie vu Perséinlechkeete wéi Minister. Dës Gefierer sinn e wichtegen taktesche Bestanddeel vum Sécherheetskonzept an erfëllen hire Rôle am Fuerpark.

Zesummegekuckt muss de Fuerpark esou opgebaut sinn datt eng Majoritéit vun den Déngschtautoen eng Rei vu spezifesche Parameter erfëllen:

- Héich Motorleeschtung a beschleunegungsfäeg Kapazitéiten, fir spontan Auswäichmanöveren an taktesch Positiounswiesselen zu all Moment ze erméiglechen.
- Autonomie bei laangen oder onerwaarten Asätz, ouni op extern Infrastrukturen ugewisen ze sinn.
- Sécherheetsausrüstung, dorënner Run-Flat Pneuen a spezifesch technesch a kommunikativ Systemer (z. B. Funk).
- Genuch Laaschtkapazitéit, fir déi néideg Asazequipementer ze transportéieren – inklusiv medezinescher Ausrüstung, perséinlechem Schutzmaterial a perséinlechem Equipement vum Beamten.

***3. Wéi wëll d'Regierung de Bierger:innen d'Virdeeler vun der Elektromobilitéit am Alldag gleefhaft maachen, wann am Fuerpark vun der Regierung grad mol 4 E-Autoen genotzt ginn?***

Wéi an der 2. Fro beschriwwen, muss de Fuerpark vun de Regierungsmemberen eng Partie Konditiounen erfëlle fir de beschtméigleche Schutz ze garantéieren.

De Fuerpark vun der Regierung wäert mat der weiderer Entwécklung vun den Elektroautoen och weider mat mei Elektroautoen ausgestatt ginn.

***4. Firwat ënnerstëtzt d'Regierung d'Verbrennerverbuet, wann ee selwer zougëtt, dass den* Elektroauto net ka fir all Gebrauch genotzt ginn?**

D'Entwécklung vun der Elektromobilitéit konnt an de leschte Jore kontinuéierlech Fortschrëtter virweisen, esouwuel am Beräich vun der Reechwäit, der Luedkapazitéit- a Vitesse, der Diversitéit u Modeller um Marché ewéi och dem Präis. Dës Entwécklung huet mat derzou bäigedroen, datt schonn haut a ville Fäll en 100% Elektroauto am direkte Vergläich mam Verbrenner besser ofschneit.

D'Regierung ass zouversiichtlech, datt weider Entwécklungsspréng an der Elektromobilitéit an deenen nächste Joren derzou féiere wäerten, datt déi wéineg Fäll, wou haut nach e Verbrennerauto néideg ass, da komplett verschwannen. Doriwwer eraus soll drun erënnert ginn, datt de Verbuet fir d'Umeldung vun neie Gefierer mat Verbrennungsmotor an der EU eréischt am Joer 2035 a Kraaft trëtt – also eréischt an 10 Joer an net schonn haut.

Lëtzebuerg, den 26. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes